ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/05/2023

Rapport vun der Jugend Kommissioun

Presenzen

Present	Net present
Jyll Duschinger	Miguel Moreira Cardoso (excuséiert)
Patrick Lucas	Marie Sadler (excuséiert)
Patrick Cincis	Nathalie Simon (excuséiert)
Tessy Arend	
Lynn Mangen (Redaktioun vum Rapport)	

Rapport vun der Jugendkommissioun 11.05.2023

1. Open Air Kino

- Mir kruten eng Lëscht an hunn folgend Filmer festgehalen: Freides: Dumbo, Samschdes: Black Panther a Sonndes: Bohemian Rapsody
- D'Entrée ass gratis a mir fuere mat Bongen. D'Keess soll dëst Joer méi no beim Gedrénks sinn.
- D'Lynn freet d'Gemeng op mir erëm de Flyer vum lëschte Joer huele kennen. D'Flyere verdeele mir an der Gemeng an deelen en op de sozialen Netzwierker
- Nodeems mir een Appell un d'Veräiner aus der Gemeng gemaach haten, hunn sech am ganze 5 Clibb fir d'Grillen um Open Air Kino gemellt: Theaterfrënn vun Tënten, Männerchouer, Club des jeunes Béiwen, Musik Helperknapp a Club des jeunes Tënten. Déi éischt dréi Clibb déi sech gemellt hunn kréie jeeweils een Owend. Theaterfrënn, de Männerchouer an Club des jeunes Béiwen maachen

ënnert sech aus wien wéi een Dag grillt. Et wier gutt eng Lëscht fir déi eenzel Veräiner ze maachen, esou dass si wëssen un wat se sollen denken

- D'Lynn freet ee Gasgrill op der Gemeng un, dee dann den Clibb zur Verfügung gestallt gëtt. D'Jugendkommissioun proposéiert de Clibb fir d'Fleesch iwwert d'Gemeng ze bestellen (Marie). Gegrillt gëtt ab 19:00 an d'Filmer starten um 21:00. Punkto Snacke froe mir den Nicolas fir de Popcorn an d'Lynn geet d'Chipse kafen. Fir d'Gedrénks bestelle mir dat selwecht ewéi d'lescht Joer a froen eis Pfand Becheren un.
- Et muss och ee rendez-vous mam Steve gefrot gi fir iwwert d'Luuchten ze schwätzen an da kann ee kucken ewéi een dat mat den Toilette reegelt (Tessy a Marie). D'Toilette mussen och bestallt ginn. Wat Material ubelaangt brauche ma:
  - Stéidëscher
  - Zelt
  - Béierdëscher a Bänken
  - Zapanlag.
  - Eventuell d'Liegen vum Beachdref
- Mir sollen der Maison Relais virum Oprichten Bescheed soen an da passe Si op dass ab 4 Auer keng Kanner méi dobausse sinn (Tessy). Hëllefen um Event selwer: d'Jyll ka Freides net, de Patrick Lucas Sonndes net.

Helperknapp, 22/05/2023

2. Divers

- No de Wale wier et gutt sech mam Schäffen an Gemengerot ze treffen an hinnen eis Aarbecht ze weise fir sou eis Jugendkommissioun ze behalen
- Nächst Versammlung: 20 Juni 2023 (Lynn reservéiert ee Sall)